Datt d'Décisioun vum Verband bedauert gëtt, ass nozevollzéien. Datt se kritiséiert gëtt, ass iwwerdriwwe, mengt de Jean-Claude Franck de moien am Kommentar

E Parlament soll sech fir d'Interessië vum Land a vun der Allgemengheet asetzen. Dofir ass et richteg wann Deputéiert léiwer hu, wann Aarbechtsplazen hei am Land geschaf a Steieren hei bezuelt ginn. Allerdéngs, muss et sech dann d'Moyen'e gi fir déi Ziler z'ereeschen. An dozou ziele ganz aner Saache wéi Indexmoduléierungen.

Fir de Rescht ass de Verband eng privat Gesellschaft, déi wéi anerer och, hier eegen Décisiounen hëllt. Datt um Krautmaart gemaach gëtt, wéi wann de Verband en ëffentleche Betrib wier, maach un der Geschicht vum Sekter leien, deen ëmmer enk mat der Politik verknäppt war. Dofir denken d'Deputéiert lo och drun, déi Responsabel vun der Genossenschaft an d'Chamber z'invitéieren. No där Logik missten allerdéngs an Zukunft och d'Generaldirekteren op de Krautmaart bestallt gi, wa Banken a soss Betriber délokaliséieren oder ofbauen. D'Gérant'e vu Socimmo sinn opjiddefall net an eng Chamberkommissioun komm, fir do z'erkläre firwat hiere Grupp Faillite gemaach huet, an dowéinst bal 500 Leit vun haut op muer ouni Patron waren.

Dobäi kënnt, datt d'Décisioun vu virgëscht net sollt iwwerschat ginn. Am Agrarzenter, am neie Siège vum Verband Grupp zu Colmarbierg sollen op 10 Hektar 100 Leit schaffen; d'Produktiounsanlaag zu Perl op 3 Hektar soll am Ufank 12 Leit beschäftegen. Den éischter konservative Sekter vun der Landwirtschaft huet nach net den Image vun engem Sekter, an deem iwwer d'Grenzen eraus expandéiert gëtt. De Responsable vun der Baurecooperative no, ass et awer genee do wou d'Zukunft läit.

Um Enn bleift den Androck, datt d'Groussregioun zu Lëtzebuerg als e grousse Sens Unique ugesi gëtt. Wann dann ee sech traut, et an déi aner Richtung ze probéieren, da geet dat komescherweis guer net.

An et bleift den Androck, datt an de vierregte Jore Chance verpasst goufe, fir zesumme mam Verband aner Léisungen ze fannen. Virun de läschte Chamberwahle gouf e Spuetestëch gemaach op engem Site, vun deem hätt misse gewosst sinn, datt en de Critèrë vu Landesplanung an Emwelt net entsprecht. De selwechte Site ass vun der Politik e gutt Joer méi spéit nees ofgeschoss ginn, wat dozou gefouert huet datt vill Zäit verluer gaang ass. Zäit déi hätt kënne genotzt gi fir déi national Léisung ze fanne, mat där d'Politik net hätt misse färten d'Gesiicht ze verléieren.

Radio 100,7. 16. September 2011. Diffusioun am Moiespanorama um 7h an um 8h